



Averständnes



Beschreibung vu Kulturama.lu

Mat der Plattform kulturama.lu versicht den Educationnsministère (SCRIPT), a Kooperatioun mam Kulturministère, de Beräich vun der kultureller Bildung an der Kulturverméttlung an der Schoullandschaft weider ze fërderen, an Initiativen ze ënnerstëtzen, déi nach méi kulturell Voleten an de Klassen a Schoulen uviséieren.

Et gëtt eng Hëllefstellung ugebueden, fir Kënschtler resp. Experten aus bestëmmte kënschtlereche Sparten (Theater, Literatur, Danz, Musek, Film, bildend Konscht, an anerer) z'invitéieren, fir zesummen an der Klass/ Schoul kreativ Projeten ze realiséieren – dëst ka goen vu enger bis e puer vereenzelten Interventiounen, bis hin zu enger méiglecher Zesummenaarbecht mat ënnerschiddleche Kënschtler fir an engem gréissere (Schoul)Projet zesummenzewierken. Alles an enger Philosophie vun enger gemeinsamer Kulturverméttlung; op pädagogeschem an artisteschem Plang, fir an Zesummenaarbecht tëscht Enseignant(e) a Kënschtler méiglechst differenziert Facettë vun der Kulturverméttlung z'erméiglechen.

D'Léierpersoun kann esou hire Cours mat kulturellen/kreativen Usätz an Knowhow ergänzen oder souguer ganz nei Perspektive schafen.

D'Interventiounen vun de Kënschtler ginn zesumme vun Educationns- (SCRIPT) a Kulturministère iwwerholl.

Averständnes

Mat dëser Ënnerschrëft gitt Dir Ären Accord:

- datt Ären Descriptif an Är Donnéeën op www.kulturama.lu publizéiert dierfe ginn,
- datt Dir mat dem fixéierte Stonneloun vun 90 €/HTVA averstane sidd,
(Facturéiert ginn all Stonnen déi de Kënschtler virun enger Klass steet. Eng eventuell Vir- an Nobereedung vun dem Projet mat der Léierpersoun gehéiert hei net dobäi a gëtt net rembourséiert. Frais de route ginn net iwwerholl.)
- datt Dir eemoleg un enger pädagogescher Formatioun vum SCRIPT deelhueft, wou Dir d'Grondkompetenze virgestallt kritt, déi néideg sinn, fir virun enger Klass mat Kanner/Jugendlecher ze stoen (+/- 4 Stonnen).

Numm

Datum

Ënnerschrëft

*Dëst Averständnes muss als ënnerschriwwe Versioun zrëckgeschéckt ginn. Zesumme mat Ärem Descriptif an enger Foto (digital ze schécken un info@kulturama.lu). Wann alles erakomm ass, gitt Dir vun eis kontaktéiert.

Adress:

Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
SCRIPT
À l'attention de M. Luc Belling
Responsable de Division : Initiatives et programmes pédagogiques
eduPôle Walferdange
28, route de Diekirch
L-7220 Walferdange